Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 24. Juli 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 JUIL. 2019
951

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech, des parlamentaresch Fro iwwert Repercussioune vun der grousser Hetzt op Déierewelt un den Här Landwirtschaftsminister an un Madamm Ëmweltminister weider ze leeden.

Mat der grousser Hëtzt hunn fir de Moment net nëmme Mënschen ze kämpfen, och Déiere leiden ënnert dësen extreme Wiederkonditiounen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen dem Här Landwirtschaftsminister an der Madamm Ëmweltminister stellen:

- Kontrolléiert d'Inspection Vétérinaire am Fall vun enger Canicule op Notzdéiere vun hiren Halter genuch Waasser souwuel wat Qualitéit a Quantitéit betrefft zur Verfügung gestallt kréien ?

- Wei vill Kontrolle ginn am Fall vun enger Canicule pro Dag vun der Inspection vétérinaire duerchgefouert ?

Vill Déieren op der Weed sti bei dësen extreme Wiederbedingungen dacks an der praller Sonn an hunn kenn Ënnerstand wou se sech virun der Sonn kenne schützen.

Déiereschutzgesetz aus dem Joer 2018 huet de Schutz vun Déier verstäerkt. Ausserdeem gesäit den Artikel 3 vum groussherzogleche Reglement vum 5. Dezember 2018 iwwert « conditions de détention des animaux» fir dass : « ***Les** __**animaux détenus à ciel ouvert et exposés à des circonstances météorologiques extrêmes**__ **et défavorables au bien-être et à la santé de l'espèce animale concernée pendant une période prolongée** __**doivent disposer d'un abri naturel ou artificiel, assurant une protection suffisante contre ces circonstances météorologiques extrêmes, notamment le soleil lors de chaleurs caniculaires,**__ **les précipitations intenses et les vents forts par temps de grand froid.***

***L'abri artificiel doit être facilement accessible et sa dimension doit permettre aux animaux de se tenir debout et de se coucher normalement. Il doit être construit de façon à éviter tout risque de blessure et être équipé et pourvu d'un espace suffisant de façon à ce que les animaux puissent y exprimer les comportements propres à l'espèce.*** »

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen dem Här Landwirtschaftsminister an der Madamm Ëmweltminister stellen:

- Wa keng natierlech Ënnerstänn wei Hecken oder Beem op enger Weed ze fanne sinn ënnert wei enge Konditioune kann dann ee kënschtlechen Ënnerstand opgeriicht respektiv gebaut ginn?
- Wei eng Autorisatioune brauch ee fir ee kënschtlechen Ënnerstand opzeriichten a wei muss dësen Ënnerstand konzipéiert sinn?
- Wei eng Verwaltung ass den Uspriechpartner wann een e kënschtlechen Ënnerstand fir seng Béischte well opriichten?
- Wessend dass zb eng Canicule ëmmer ganz kuerzfristeg optrëtt, wei laang dauert et bis een eng Autorisatioun vun den zoustännege Verwaltunge kritt?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

**Françoise Hetto**
**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf 470/19

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
30 JUIL. 2019

Luxembourg, le 30 juillet 2019

**Objet:** Question parlementaire n° 951 de l'honorable Députée Madame Françoise Hetto-Gaasch

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n° 951 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch**

Et fanne Kontrollen op verschiddenen Niveau'en statt.

Am Fall vun enger Canicule ginn an der Moyenne 5-6 Plainte pro Dag un d'Veterinärsverwaltung erugedroen, sief et vu Privatleit oder vun Déiereschutzorganisatiounen. D'Veterinärsverwaltung geet all eenzeler vun dëse Plainten sou schnell wie méiglech selwer no. Bei all deene Kontrolle gëtt iwwerpréift, op den Déiere genuch a proppert Waasser zur Verfügung steet.

Et sief ausserdem drop higewisen, datt dat ganzt Joer iwwer regelméisseg Routinekontrollen op de Baurebetrieber stattfannen, no duerch d'Reglementatioun virgeschriwwene Prozeduren, wou en besonneschen Akzent op d'Déirewuehl an domatt och op de garantéierten Zougang zu Waasser geluegt gëtt.

Ausserdeem huet de Landwirtschaftsministère de 25. Juli via Communiqué den Déierenhaltere matgedeelt, wéi eng Reegelen am Fall vun enger Canicule ze respektéiere sinn.

An dem Communiqué gëtt an Erënnerung geruff, datt muss drop opgepasst ginn, datt d'Déieren zu all Moment genuch proppert Waasser zu hirer Dispositioun hunn.

Bei der Ausaarbechtung vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 sinn och Considératiounen zum Déiereschutz mat agefloss, besonnesch wat d'Ënnerstänn an der Gréngzon ugeet.

Fir d'Déieren op der Weed virun der Hëtzt ze schützen, kënnen d'Bauere provisoresch oder temporär Schutzkonstruktiounen opriichten, ouni datt si eng Autorisatioun unzefroe brauchen. Nom Enn vun der Canicule mussen dës Konstruktiounen erëm ewech geholl ginn.

Fir all durabel oder permanent Konstruktioun an der Gréngzon brauch een eng Autorisatioun nom Artikel 6 vum Naturschutzgesetz.

Zoustänneg dofir ass den Ëmweltminister.

---